N°4134
Entrée le 26.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.05.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Aus rezente Presseartikele geet ervir, dass d'Inspection du travail et des mines (ITM) am Joer 2025 eng nei, méi preventiv a pedagogesch Approche an hire Kontrollen ëmgesat huet. D'Zil vun dëser Orientéierung ass et, d'Betriber méi staark ze informéieren, ze sensibiliséieren an ze begleeden, éier et zu Sanktioune kënnt.

Gläichzäiteg weist de Joresbericht vun 2025, dass d'Zuel vun den Amenden däitlech zeréckgaangen ass. Deemno wieren d'Amenden ëm bal d'Hallschent zeréckgaangen, wärend d'Zuel vun de Plainten dogéint ëm ronn 25 % geklommen ass. Aner Donnéeë weisen och op e Réckgang vun de Kontrollen an eenzelne Secteuren hin, ënner anerem am Horesca-, Commerce- an Transportberäich. Donieft ass d'Zuel vun de Mobbing-Meldungen däitlech geklommen, wärend proportionell manner Enquêten opgemaach goufen.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung d'Resultater vun där neier preventiver Approche vun der ITM?
- Gëtt et effektiv manner Verstéiss géint déi bestoend Gesetzer?
- Wéi erkläert d'Regierung de markante Réckgang vun den Amenden? Ass dëse Réckgang op méi Preventioun oder op manner Kontrollen zeréckzeféieren?
- Wéi gëtt verhënnert, dass déi nei, méi pedagogesch Approche vun der ITM zu manner effektive Kontrollen am Interessi vun de Salariéë féiert?
- Soll dës nei Approche dauerhaft bäibehale ginn?
- Wéi reagéiert d'Regierung op d'Hausse vun de Plainten a Mobbing-Meldungen?

Mat déiwem Respekt

Georges Engel
Deputéierten

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu